

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg  
Lëtzebuerg, den 29. November 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister, d'Madamm Ëmweltminister an den Här Energieminister weiderzeleeden.

An der Debatt ronderëm déi sougenannt "gréng Technologien" gouf an de leschte Joren och ëmmer rëm den Asaz vu Pelletheizunge als potenziell Alternativ zu Heizungen déi mat Gas oder Mazout bedriwwe ginn, diskutéiert.

An deem Zesammenhang géife mir der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Regierung hir allgemeng Positioun zu Pelletheizungen elaboréieren?
- 2) Ginn et zu Lëtzebuerg öffentlech Gebaier vum Staat oder de Gemengen, déi mat Pelletheizunge gehëtzt ginn? Wa jo, ëm wéi eng Gebaier handelt et sech? Iwwert wéi eng energieetesch Leeschtunge verfügen déi eenzel Anlagen?
- 3) Ass d'Ausrüstung vu weideren öffentleche Gebaier vum Staat oder de Gemenge mat Pelletheizunge geplangt? Wa jo, ëm wéi eng Gebaier handelt et sech? Iwwert wéi eng energieetesch Leeschtunge sollen déi geplangt Anlage verfügen?
- 4) Verfüügt Lëtzebuerg iwwert eng eege Produktioun fir Holzpellets?
- 5) Aus wéi enge Länner huet Lëtzebuerg während de Joren 2018, 2019 an 2020 Holzpellets importéiert? Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi déi eenzel Länner, souwéi déi jeeweileg Importzuelen mat dem bezuelte Präis pro Tonn regruppéiert?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup  
Deputéierten



Jeff Engelen  
Deputéierten